

Dezember 2004 N° 10



Fäschber
Gemeengeblat



Virwuert

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,
dëst Gemengeblat ass, wann Der erlaabt, sou bëssen ee Jubiläumsblat, ëmmerhin ass et d'Nummer 10.
Ech wëllt duerfir d'Geleeënheet profitéieren, fir alle Bedeelegten villmools merci ze soen fir déi vill Artikelen, Fotoen, Quizfroen an Informatiounen, déi si an dier Zäit zesummege droen hunn.
Dat Ganzt kritt awer réischt e Gesiicht, wann et an enger flotter Form zesummege stellt ass. Duerfir wëll ech deer Persoun apart merci soen, déi allkéiers de Layout vun eisem Blat mécht. Dat ass de Ren Spautz; hie mécht dat aus Spaass un der Freed, fir net missen ze soen zum Nulltarif.
Mir sichen och nach ëmmer Memberen fir ee "Redaktiounsteam"! Sidd Dir intresséiert, da mellst Iech um Gemengesekretariat w.e.g. Vum leschte Blat (No9) bis haut si 6 Méint vergaang.
D'Zäit geet séier, an et passéiert Munches.
Do waren mol d'éischt den 12. September zu Miersch, d'Festivitéite vun de 60 Joer Libération vun eiser Heemecht, organiséiert vun deenen 11 Gemengen aus dem Kanton, zesumme mat de Mierscher Gechichtsfrënn ënnert dem Motto "D'Amerikaner sënn do"; ee volle Succès! Den Affer vun deemools a besonnesch eiser sacrificiéierter Jugend si mer esou Erënnerungsfeieren schëlleg.
A propos aktuel Chantieren a Projeten déi geschwënn ustinn.
Nieft dem Centre Polyvalent, wou een sou lues d'Luucht op der aner Säit vum Tunnel gesäit, ass et dann endlech d'Erneuerung vun der Rollengerstrooss zu Schous.
Den Architekt ass och chargéiert, fir en Devis z'erstellen fir dee längst iwverfälligen Ënnerdaach fir eise Club des Jeunes an der aler Duerfschoul zu Schous.
Dee wichtege Dossier fir déi nei Piscine nieft der Sportshal FILANO op Bierkelt, wou 6 Gemengen an ee Schoulsyndikat mat dru bedeelegt sinn, huet de leschten Hënnernëslaaf um Instanzewee an Ugrëff geholl.
A propos Zukunft:
Et gëtt en neit Baugesetz vum 19. Juli 2004: "Aménagement communal et développement urbain".
Trotz aller Komplexitéit gëtt dat Gesetz ee sënnavollen Outil fir eng konsequent an nohaltege Baupolitik, wou trotz dem néidegen awer kontrolléierte Wuessen vun eisen Dierfer, de Charakter vun eiser Landgemeng nët duerf verluer goen.
Derbäi kënnt nach d'Ëmsetzen vun der IVL Etude, eng Etude déi eng Raumstruktur soll realiséieren, wou Wunnen, Schaffen an Ëmwelt openeen ofgestëmmt sinn.
Mat esou Dossieren, nieft de Lotissementen, ass ee Gemengerot eleng iwverfuert. Fir kompetent an objektiv, beroden a begleet ze ginn, hu mir e "Consultingbüro" engagéiert an der Spezialiteit: Urbanistik a Städtebau. A wéi alleréischt Réuniounen et undeiten, si mer domatt um richtege Wee.
Wéi mer awer alleguer wëssen, wuessen d'Beem vun der Lëtzebuerger Economie och nët an den Himmel. Manner Recetten vum Stat fir d'Gemengen sinn dovun eng direkt Konsequenz.
D'Suen iwverluecht a sënnavoll auszeginn ass duerfir méi wéi jee, eis éischt Devise; genee wéi déi ëmmer méi enk Zesummenaarbecht mat den direkten Nopeschgemengen.
Dann ass et och an dësem Mount ee Joer hir, dat de viregte Buergermeeschter, Fernand Braun, eis fir ëmmer verlooss huet. Ech wëll zu dësem éischte Joresdag vu sengem Doud, senger an Eiere gedenken, an am Numm vun eis all, merci soen fir dat wat hien am Intérêt vun der Gemeng geschafft huet.
Ofschléissend well ech eisem Scheffen- a Gemengerot, dem Gemengepersonal an den Aarbechter villmools merci soen fir déi gutt Zesummenaarbecht.
Hinnen, an Iech all, léif Matbiergerinnen a Matbierger wënschen ech zu de Fester vum Joresenn vill Freed an all Guddes fir dat neit Joer!

Charel Thilgen, Buergermeeschter.

Seite 1: Foto von Joëlle Rech
Seite 2: Virwuert & Inhaltsverzeichnis
Seite 3: Séances communales
Seite 4: Séances communales & Bamsetzen
Seite 5: Anna Maria Mergen-Tommes
Seite 6: Berlin-Reise
Seite 7: Berlin-Reise
Seite 8: Hobby-Seite
Seite 9: Hobby-Seite
Seite 10: S.O.S. Animaux a.s.b.l.
Seite 11: Amiperas & Kommunionsscheck
Seite 12: Manifestationskalender 2005

Seite 13: Manifestationskalender 2005
Seite 14: Wien ass dat?
Seite 15: Hall Polyvalant
Seite 16: Vereine
Seite 17: Vereine
Seite 18: Des Rätsels Lösung
Seite 19: Schouljoer 2004 - 2005
Seite 20: Schouljoer 2004 - 2005
Seite 21: Schouljoer 2004 - 2005
Seite 22: Schouljoer 2004 - 2005
Seite 23: Schouljoer 2004 - 2005
Seite 24: Chrëschttag 2003-2004



Procès-verbal de la réunion du conseil communal du 23 juillet 2004:

Présent: MM/Mme Thilgen, Pletschet,
Tholl, Kraus, Karier, Kolber

Absent: MM. Braun R.,

1) Le conseil communal décide la création de deux postes provisoires dans l'enseignement primaire pour l'année scolaire 2004-2005, à savoir un poste surnuméraire de 25 leçons et un poste de chargée de cours de 18,25 leçons.

2) Mme Linda Hartmann est nommée au poste surnuméraire avec une tâche de 25 leçons hebdomadaires.

3) Mme Lucie Mensen est nommée au poste de chargée de cours avec une tâche de 18,25 leçons hebdomadaires.

4) Est approuvée l'Organisation scolaire pour l'année scolaire 2004-2005

5) Le conseil communal décide de modifier avec effet au 1.1.2005 la taxe à percevoir pour l'utilisation de la canalisation comme suit :

1. une taxe fixe de 20 EUR par immeuble et par an
2. une taxe supplémentaire de 1 EUR par m³ d'eau potable consommée, à l'exception des entreprises agricoles qui bénéficient d'une exonération de la taxe supplémentaire à partir de 100 m³ d'eau consommée par an et par personne faisant partie de leur ménage.

Procès-verbal de la réunion du conseil communal du 12 octobre 2004:

Présent: MM/Mme Thilgen, Pletschet,
Tholl, Braun R, Kraus, Karier, Kolber

Absent: MM.

1) 1 Après avoir entendu les explications de Gaston BISSEN, préposé du triage de

Fischbach, le conseil communal approuve le plan de gestion annuel 2005 pour la forêt communale de Fischbach.

Au plan de culture une dépense de 10.975,00 EUR est prévue. Une dépense de 17.410,00 et une recette de 63.725,00 EUR sont inscrites au plan d'exploitation. Les frais de l'entretien de la voirie sont évalués à 19.000,00 EUR et les recettes à 12.000,00 EUR. La recette pour la location de la chasse est estimée à 14.400,00 EUR.

2) Est approuvé le devis au montant de 15.000 EUR relatif aux travaux de voirie forestière de l'exercice 2005 au lieu-dit « Plankenberg », parcelle 8.

3) Approbation des décomptes relatifs à divers travaux extraordinaires

Le conseil approuve les décomptes suivants:

- démolition de l'ancienne école à Angelsberg : dépenses : 3.794,75 EUR
- aménagement de la cour communale à Fischbach : dépenses : 50.301,49 EUR
- construction et aménagement d'un chemin forestier : dépenses : 45.897,11 EUR
- aménagement de la rue du Lavoir à Fischbach : dépenses : 40.201,92 EUR
- remblayage de la voirie rurale au lieu-dit « In den Breiden » : dépenses : 14.698,47 EUR
- agrandissement du cimetière et réaménagement de la place de l'église à Fischbach (études) : dépenses : 3.389,67 EUR
- acquisition d'une voiture de service : dépenses : 11.249,99 EUR

4) Sont votés des crédits supplémentaires du budget ordinaire de l'exercice 2004 au montant total de 23.000 EUR.

5) Le conseil confirme le règlement de circulation temporaire édicté par le collège échevinal en sa séance du 1^{er} juillet 2004 concernant la partie du CR120 longeant le mur de l'église à Schoos.

6) Le conseil approuve définitivement le Plan d'Aménagement Particulier remanié (7



maisons unifamiliales) concernant des fonds situés au lieu-dit 'Um Waeschbuer » à Fischbach, présenté par le bureau d'études Rausch & Associés pour le compte de la société H.M. Réalisation S.A. de L-7505 Lintgen

7) Est également approuvée la convention entre la commune de Fischbach et la société H.M. Réalisation S.A. de Lintgen concernant le projet d'aménagement particulier énoncé sous le pt 6 ci-avant.

8) Le conseil décide de créer dans la branche du génie civil un poste d'ingénieur-technicien (m/f) à mi-temps (20 heures/semaine) pour le service technique communal de Fischbach.

9) Le conseil se prononce pour l'engagement d'un bureau d'études afin de se laisser conseiller sur les différents projets de lotissements ainsi que sur le développement communal.

10) Le conseil se prononce pour le projet régional relatif à la création d'une "Internetstuff" dans le cadre du groupe Leader+ Müllerthal.

Opruff

An der Allerhellegevakanz 2005 wëllt d'Kulturkommissioun eng Hobby-Ausstellung an der neier Hall Polyvalent zu Schoos organiséieren.

Wann Dir wëllt do mat maachen, da mellst Iech w.e.g. um Telefon: 32 70 84 1 bei der Madame Haas Marie-Louise.

Hobby 2005

Appel

Pour les vacances de Toussaint 2005, la commission de la Culture aime organiser une Exposition dans le nouveau Hall Polyvalent à Schoos.

Si vous avez envie d'y participer, renseignez-vous au téléphone: 32 70 84 1 chez Madame Haas Marie-Louise.



E Bam fir d'Marianne an de Marco No aler Traditioun hat e Samschdeg, den 23. Oktober 2004, d'Entente vun de Veräiner em Brosius-Kolber Marianne an dem Karier Marco, déi am Fréijoer no de Komplementarwalen an de Gemengerot gewielt goufen, e Bam gesat.

Mëttes hat eng Delegatioun vun de Veräiner sech Rendezvous ginn, fir em Marianne en Ahorn an dem Marco eng Trauerweid, op déi vun hinne gewënschte Plaz ze planzen.

Owes war op Invitatioun vun deenen Zweek, all Bierger aus der Gemeng an de Veräinsbau op Fëschbech invitéiert ginn. Nodeems déi nei gewielte jidderengem merci gesot, an hiert Uleies virgedroen haten, ass de President vun der Entente, Wirtz Roger, op d'Symbol vum Bam ze schwëtze komm. Den Här Buergermeeschter, Thilgen Charles, hat d'Schlusswuert ergraff, andeems hie sech fir eng gutt Zesummenaarbecht ausgeschwat huet.

Bei engem klengen Maufel a killem Gedrécks ass et bis an de fréie Moien eragaangen, bis déi lescht den Heemwee fonnt haten.



100 Jahre Anna Maria Mergen-Thommes

Sie ist die erste Einwohnerin aus Fischbach, die ihren 100. Geburtstag feiern konnte

Bei Gelegenheit des 100. Geburtstages von Anna Maria Mergen-Thommes, hatte die Direktion der Stiftung “Les Parcs du troisième âge” am 4. November zu einer kleinen Feier ins Bartringer Pflegeheim eingeladen.

Unter den Gratulanten befanden sich Familienministerin Marie-Josée Jacobs, Charles Thilgen, Bürgermeister der Gemeinde Fischbach/Mersch, begleitet von seinen beiden Schöffen Carlo Pletschet und Jean Baptiste Tholl, Danielle Constant und Michèle Aumer, Direktionsvertreterinnen, Bernadette Widar, “responsable de service” sowie Fred Sanavia, Vizepräsident der Amicale “Les Parcs du troisième âge”, der die verhinderte Präsidentin Marie-Paul Thomé vertrat.

Bürgermeister Charles Thilgen überbrachte die besten Glückwünsche, verbunden mit einem herrlichen Blumenarrangement, aus der Gemeinde Fischbach an die langjährige Einwohnerin

dieser Ortschaft, die als erste 100-Jährige in die Geschichte der Gemeinde Fischbach eingeht.

Anna Maria Tommes wurde am 4. November 1904 in Differdingen geboren. Am 17. August 1936 heiratete sie Eugène Mergen, besser bekannt als Änder Ugène.

Zeitlebens führte das Ehepaar die Gastwirtschaft Mergen, die ebenfalls für eine gute Küche renommierter war. Die Jubilarin ist Zeugin, so der Bürgermeister, von schönen und weniger schönen Entwicklungen.

Sie erlebte zwei Weltkriege, den Übergang von der Agrargesellschaft in die Welt



der Dienstleistungen.

Zeiten von der Postkutsche bis zur Erforschung des Weltalls, spektakuläre Veränderungen in den Häusern und Familien.

1990 verstarb ihr Ehemann, der im Krieg ein aktiver Resistenzler war und drei Refraktäre aus der Gemeinde Fischbach zu einem Versteck verhalf. Sohn Pierre, Änder Pitt genannt, verstarb ebenfalls schon im Jahre 1999.

Heute ist die Jubilarin Großmutter von Anne, die bei der Feier ebenfalls präsent war, sowie stolze Urgroßmutter von Saskia, Rick und Tim.

Es folgen Gratulationen, Blumen und Anerkennungsgeschenke seitens der Direktion des Hauses und der Amicale.

Familienministerin Marie-Josée Jacobs wünschte dem sympathischen Geburtstagskind noch viele schöne Stunden im Bartringer Pflegeheim, wo es seit knapp einem Jahr lebt.

Anschließend überreichte die Familienministerin der Geehrten die Auszeichnung des “Ordre de mérite du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse.

Leider konnte die Ministerin nicht mehr lange mitfeiern, denn schon am Anschluss erwartete man sie in Pfaffenthal zur nächsten 100. Geburtstags-Feier von Margareta Conrardy-Hornick.



Amiperas Fischbach auf Reisen! Ich bin ein Berliner!



Da bin ich nur vier volle Tage nach Berlin gereist und fühle mich nun bemüssigt einen Artikel zu schreiben? Im Kopf drängen sich Erinnerungen. Mein Material über Berlin reicht nie aus. Ein Sammelsurium aus Bildern, Eindrücken, (Vor?)-Urteilen. Wir d.h. die Amiperas Fischbach (Jugendsektion) sind unter unserem ortskundigen Jürgen Overdyck in der Zeit vom 14. bis 18. Juni nach Berlin gereist. Er führte uns zur Siegestsäule, zur Straße des 17. Juni zum Sowjetischen Ehrenmal, Grabstätte von ca. 2500 Sowjetsoldaten, zum Brandenburger Tor. Keine Mauer hält uns auf, die von 1961 bis 1989 (43,1 km) Berlin teilte. Zum Pariser Platz Hotel Adlon. Historisierendes Grandhotel mit Blick auf's Brandenburger Tor, die Prachtstrasse "Unter den Linden" mit der Russischen Botschaft (grösste Europas) und keine 100 m entfernt die amerikanische und englische Botschaft. Zum Opernpalais, zum Prinz Heinrich Palais, jetzige Humboldt-Universität, zur alten Bibliothek, zur St.-Hedwigs-Kathedrale, zur Neuen Wache, zur Staatsoper. Besichtigung des Pergamon-Altars. Atemraubend das Tor von Milet, das Ishtar-Tor und die Prozessionsstraße von Babylon. Nach dem Mittagessen im Luisenbräu begaben wir uns zum Schloss Charlottenburg. Eine Bootsfahrt auf der Spree, die 90-



minütige Fahrt führte uns an vielen Sehenswürdigkeiten Berlins vorbei. Weiter zum Treptow-Park, 1964 errichteten die Sowjets ein gigantisches Ehrenmahl für ihre Gefallenen. Zwei Wände aus rotem Granit symbolisieren gesenkte Fahnen. 13 Meter hoch ist die Gestalt des Sowjetsoldaten, ein gerettetes deutsches Kind auf dem linken Arm und ein Schwert in der Rechten. 14 Marmorblöcke zeigen in Reliefs die Geschichte des 2. Weltkrieges.

Fahrt durch Ostberlin, entlang der Plattenbausiedlungen zur Reichsstraße 1 Märkisch Oderland, wo links und rechts der Straße tausende Tote liegen. Besuch des Museums, 60 Jahre später. Die Ereignisse sind fast vergessen. Das Leben lehrt uns, dass Brecht recht hatte, als er schrieb "Der Schoß ist fruchtbar noch, aus dem es kroch"! Mögen Museen wie dieses Menschen aller Nationen vor Augen führen, wohin Fanatismus und Rassenhass führen. Weiterfahrt nach Frankfurt/Oder. Hier aßen wir im Kartoffelhaus gleich an der Oder.

Besuch der ehemaligen Residenzstadt Potsdam, Hauptstadt des Landes Brandenburg. Morgens Besichtigung von Schloss Sans-Souci, sowie der alten Bildergalerie mit der Gemäldesammlung des alten Fritz, Friedrich des Großen. Das Mittagessen nahmen wir proletarisch aber sehr schmackhaft und urgemütlich in der alten Hofbäckerei ein. Nachmittags Bummel durch den von Lenné gestalteten Neuen Garten mit seinem Marmorpalais und dem im englischen Tudorstil erbauten Cecilienhof (dem wir einen ausführlichen Besuch abstatteten). Hier wurde am 2. August 1945 das Potsdamer Abkommen unterzeichnet (Churchill, Truman, Stalin). Uebrigens der Tisch wo das Abkommen unterzeichnet wurde, über 3 m Durchmesser, wurde in Moskau gefertigt.

Wir nahmen an einer 3- stündigen herrlichen Kahnfahrt teil. Sie führte uns durch den 100 km von Berlin entfernten Spreewald. Es regnete und wir hatten ein offenes Boot, das uns aber nicht hinderte, bei guter Laune und Humor zu bleiben. Ein 1000 km langes Netz von Wasseradern, Fliesse genannt, durchzieht den Spreewald, Europas größten Erlen-Auwald. Der Spreewald steht unter dem Schutz der Unesco.

Unser Fährmann wies uns auf einen Heuschoben zu, zwiebelförmig mit Stangen obenauf, unten inwendig hohl, damit das Heu trocken bliebe und wackele die Stange oben, sei der Heuschober besetzt. Gurkengläser, Zwiebelzöpfe und Honig wurde uns zum Verkauf am Ufer angeboten. Wo der Alltag von Kähnen bestimmt wird, stakt auch der Postbote die Briefe zum Empfänger, während der "Hygienedienst" Motorboot fährt. Wir fahren an Höfen vorbei mit Stichgraben, Fischkasten und Anlegestelle. Als Mittagessen ließ ich mir den Zander mit Spreewaldsoße munden. Mit Spreewaldgurken-Honig und anderen Mitbringseln kamen wir wohlbehalten am letzten Tag unserer Berlinreise im Hotel Excelsior an.

Ich möchte mich beim Komitee der Amiperas Fischbach für die Organisation der Reise bedanken. Einen besonderen Dank gilt Jürgen für seine mit Anekdoten und Fachwissen gespickten Führungen.

Diese Reise wird für jeden von uns in guter Erinnerung bleiben. Berlin ist eine weitere Reise wert.

Text: Carlo Karpen / Fotos: Marie-Louise Haas



Hobby-Seite

Aimée Frieden aus Schoos




Aimée Frieden wohnt nun seit 8 Jahren in Schoos. Sie kam aus Remich, wo sie mit 4 Jahren die erste Trainingsstunde im Remicher Turnverein besuchte. Hätte sich die Kleine damals träumen lassen, dass sie mit 12 Jahren Regional-Meisterin ihrer Alterskategorie des Nordens sein würde, und dafür grob gerechnet 1.000 Stunden Training im Jahr leisten müsste?



Ganz bestimmt nicht!!

Aber alles der Reihe nach:

Wie gesagt, zog sie 1996 im Alter von 5 Jahren nach Schoos. Es dauerte aber bis



1997, bevor sie in Colmar-Berg dem Turnverein „l'Alouette“ beitrat. Dort wurde sie bereits im zweiten Jahr ins Régionalkader einberufen, wo sie unter der Leitung der belgischen Trainerin Fabienne Fegya ihre ersten Erfahrungen mit „Leistungssport-Training“ erfuhr (dreimal die Woche 3-4 Stunden im Alter von 7 Jahren!).



1999 wurde sie bei ihrer ersten Landesmeisterschaft 15te aus 15 Konkurrentinnen. Und 5te von 5 in der Regionalmeisterschaft. Von da aus konnte es eigentlich nur noch bergauf gehen, nach dem Motto: „Lieber die

Schlechteste von den Besten, als die Beste von den Schlechtesten."

Sie wechselte im Jahr 2000 zum Diekircher Turnverein, und schaffte 2001 den Sprung ins C-Nationalkader, die „niedrigste“ Stufe der Nationalmannschaften im Kunstturnen.

Im Jahr 2002 war Aimée Frieden in ihrer Alterskategorie noch 7te in der Landesmeisterschaft und 3te in der Regionalmeisterschaft um im Jahre 2003 1ste in der Regionalmeisterschaft und 5te in der Landesmeisterschaft zu sein.



Das /Kunstturnen ist in 4 verschiedene Disziplinen eingeteilt, und zwar:

- Bodenturnen,
wo in maximum 1 ½ Minuten, bei Musik ohne Gesang, akrobatische und gymnastische Übungen auf einem Schwingboden von 12x12 Meter vorgeführt werden,
- Sprung,
wo ein akrobatischer Sprung nach Anlauf und Absprung über einem +/- 1m hohen „Pferd“ bewertet wird (Aimée's Lieblingsgerät!),
- Schwebebalken,
einem 10cm (!) breiten und 5m langem Gerät das in 1,25m Höhe thront, wo in Maximum 1 ½ Minuten ohne Musik akrobatische und gymnastische Übungen vorgeführt werden,
- Stufenbarren,
die „Affenschaukel“ wie sie dieses Gerät zu nennen pflegt (ganz und gar nicht ihr Lieblingsgerät), wo am 2m40 hohen Gerät luftakrobatische Übungen auszuführen sind.

Wenn man davon ausgeht, dass ein Wettkampf über effektive 6 Minuten Kampf entschieden wird, kann man sich vorstellen, wie groß der Druck bei jedem Wettkampf ist, und ein Trainingsaufwand von 1000 Stunden im Jahr



disproportioniert klingt. Da muss schon eine Menge Wille dahinterstecken. Den hat Aimée auch, wenn es auch manchmal am Selbstvertrauen hapert, und sie besucht zur Zeit eine Sportsklasse des technischen Lyzeums Aline Mayrisch in Luxemburg.

Bei 3 Stunden Training am Tag und zwar an jedem Tag der Woche (sonntags inklusive), blieben ihr nicht viel Zeit für andere Hobbys und Freunde. Ihre meisten Freundinnen hat sie halt im Turnen!

Für dieses Jahr standen schon einige interessante Wettkämpfe im Kalender, und zwar mit ihrem neuen Klub, dem „Le Réveil Bettembourg“.

Im Februar hatte sie in dem Jugend-Pokal ihr erstes Stell-dich-ein in der Filletten-Mannschaft, wo sie auch auf Anhieb den Pokal mit ihrem neuen Klub gewinnen konnte. Zudem hat ihre Mannschaft noch das Sektionsturnen im Juni für sich entscheiden können.

In England wurde sie im Juni bei einem internationalen Turnier immerhin fünfte im Sprung in der Alterskategorie der „14-jährigen und älter“.

Nun muss Aimée aber leider ihre Sportlerkarriere zurücksetzen, da sie verletzungshalber aus dem „C“-Nationalkader ausschied, und der Arzt ihr eine längere Pause vom Leistungssport verschrieben hat.

So kann sie sich hoffentlich mehr auf ihre Schule konzentrieren.

Text & Fotos: Georges Frieden



Ferienzeit, an der Hauptstraße von Fels nach Mersch, auf der Anhöhe Hof Weis, bleibt ein Auto stehen, die Wagentür öffnet sich einen Spalt und behutsam wird ein Kätzchen an den Straßenrand gesetzt. Hier so glauben seine Besitzer, die des Tieres überdrüssig sind, hier sind Scheunen, hier kann sich das allein gelassene Tier von Mäusen ernähren, hier braucht der Mensch kein schlechtes Gewissen zu haben, hier hat es das Kätzchen besser als bei uns in der engen Etagenwohnung. Aber haben mussten Sie das Tier, nachgedacht wird, wenn es zu spät ist



S.O.S. Animaux

Viviane Stevenazzi & Bert Delles

Was macht man mit dem Tier, wenn die Ferienfahrt ansteht und überhaupt?

So kommt es, dass es immer mehr Katzen werden, die von Mich Baustert und Rose Erpelding liebevoll jeden Tag gefüttert werden. Die Katzen bekommen zweimal im Jahr Nachwuchs, es werden immer mehr und mehr, man wird ihrer nicht mehr Herr.

Mich Baustert und ich telefonierten dem Tierschutzverein "S.O.S. Animaux". Sie bekümmern sich um herrenlose Katzen und lassen diese kastrieren. Voraussetzung hierfür ist, dass man die operierten Katzen wieder dorthin zurückbringen kann, wo sie weggenommen wurden.

Viviane Stevenazzi und Bert Delles von "S.O.S. Animaux", die ihre Freizeit damit verbringen, herrenlosen Katzen zu helfen, nahmen sich unserer Katzen an. Vier Kätzchen von knapp 4 Wochen galt es zu vermitteln. Eine kam zur Familie Hoehn nach Fischbach, die drei anderen nahm Viviane Stevenazzi mit, um sie tierfreundlichen Familien zu vermitteln. Die erwachsenen Katzen, es waren vierzehn an der Zahl, galt es einzufangen und zum Tierarzt zu bringen, der die Tiere operiert und drei Tage zur Beobachtung in seiner Praxis behält, ehe sie zurück gebracht werden.

Keine leichte Arbeit für Viviane und Bert, aber sie tun es aus Liebe zu den Tieren, verbringen ihre Freizeit unentgeltlich im Dienste der Tiere. Es gilt jeden Tag viele herrenlose Katzen zu versorgen, die von unverantwortlichen Menschen einfach ausgesetzt werden. Ein Haustier zu besitzen, heißt Verantwortung tragen, ein Tier holt man nicht aus einer Laune heraus zu sich nach Hause, dieses Unterfangen muss gut überlegt sein, um nicht noch mehr Tierleid zu produzieren.

Wenn Sie, geehrte Leser dieser Zeilen sich jetzt angesprochen fühlen, und helfen wollen, können Sie dies mit einer Geldspende an "S.O.S. Animaux" tun, sie und die zahlreichen Katzen werden es Ihnen zu danken wissen.



CCPL IBAN LU40 1111 0658 8017 0000
DEXIA IBAN LU89 0027 1026 7730 0000
BGLL IBAN LU15 0030 4321 0096 0000

Journée du Grand-Age



Jubilare:

Ries Kurt 75
Theisen Amélie 75
Tholl Marguerite 75
Weis Irma 75
Muller Martin 80
Turmes Joseph 81
Pletschet Marie 82
Miny Maria 82
Baustert Michel 84
Erpelding Sophie 84
Lanckohr Germaine 85
Braun Virginie 87
Baustert Alice 88
Mergen Anne 100

De Comité vun der Amiperas Sektioon Fëschbech hat de 24. Oktober 2004 op hir traditionell "Journée du Grand-Age" invitéiert.

No enger feierlecher Mass an der Porkierch zu Fëschbech, huet d'Gemeng den Eierwein offréiert. D'Mëttegiessen gouf vum beschtbekannten Traiteur A. Steinmetz vu Bech zerwéiert.

Foto: Mich Daems

Kommunikationskinder aus Angelsberg unterstützen "Mateneen Doheem asbl"

Anlässlich der Kindermesse zum Schulanfang überreichten die 10 Mädchen und Jungen, die dieses Jahr ihre 1. Kommunion feierten, der Präsidentin von „Mateneen Doheem“, Marianne Tholl-Hoesdorff, einen Chèque von 3202€. Mit dieser sehr großzügigen Geste möchten sie ihre Bausteine zum Errichten einer Tagesstruktur für mehrfach schwerstbehinderte Mitmenschen in Klerf schenken.

Anschließend lud die Gemeinde alle zu einem Empfang ein, wo Bürgermeister Charles Thilgen in Anwesenheit von Pfarrer Pierre Reuter und der engagierten Katechetinnen Frau Gerti Didelot und Frau Lucienne Karier, die Kinder und ihre Familien und Freunde für diese noble Solidaritätsgeste beglückwünschte.

Text und Foto: Claude Malget





Aktivitätska

Januar

08.01 Chrëschtbeemercherssammlen
08.01 Footballtournoi
09.01 Footballtournoi
15.01 Generalversammlung
16.01 Kaffiskränzchen
21.01 Generalversammlung
28.01 Generalversammlung
30.01 Kannerfuesbal

Club des Jeunes
Entente
Entente
Club des Jeunes
Amiperas
Entente
ACFL
Pompjeeën

Gemeng
Filano Sportshal
Filano Sportshal

Festsall Fëschbech
Festsall Fëschbech
Festsall Fëschbech

Februar

04.02 Hexebal
10.02 Hierkeniessen
12.02 Buergbrennen
13.02 Buergbrennen
13.02 Buergbrennen
19.02 Theaterowend
25.02 Generalversammlung
26.02 Theaterowend
27.02 Generalversammlung

Club des Jeunes
Amiperas
Maarkollefen
Wiichtelcher
Club des Jeunes
Theaterveräin
Wiichtelcher
Theaterveräin
Chorale Angelsbiere

Festsall Fëschbech
Fëschbech
Schous
Angelsbiere
Larochette
Festsall Fëschbech
Larochette
Angelsbiere

märz

03.03 Porte Ouverte
06.03 Fiesta de las Culturas
11.03 Generalversammlung
12.03 Generalversammlung
13.03 Generalversammlung
18.03 Generalversammlung

Amiperas
Schoul Angelsbiere
APEP
Gaart an Heem
Amniperas
Chorale Fëschbech

Festsall Fëschbech
Schoul Angelsbiere
Festsall Fëschbech
Festsall Fëschbech
Festsall Fëschbech
Festsall Fëschbech

april

02.04 Grouss Botz
07.04 Porte Ouverte
09.04 Heckebotzen
24.04 Kommionsfeier

Gemeng Fëschbech
Amiperas
APEP

Gemeng
Festsall Fëschbech
Schoul
Fëschbech

mei

01.05 Meekranz
01.05 Meekranz
01.05 Meekranz + Generalversamml.
05.05 Run for Fun
12.05 Porte Ouverte
14.05 Velostour
29.05 Prässioun

Club des Jeunes
Wiichtelcher
Spuerveräin
Entente
Amiperas
APEP

Fëschbech
Veräinsbau Schous
Parhaus Angelsbiere
Iechternach

Meesebuerg

juni

09.06 Porte Ouverte
11.06 Ausfluch
22.06 Te Deum
26.06 Ausfluch

Amiperas
APEP
Gemeng Fëschbech
Ch. Fëschbech & CTF

Centre Polyvalent

Fëschbech

juli

07.07 Grillfest
09.07 Kannerfest
10.07 Trëppeltour
17.07 Parfest
17.07 Velostour

Amiperas
APEP
Wiichtelcher
Chorale Angelsberg
APEP

Centre Polyvalent
Schoul Angelsbiere

Parhaus Angelsbiere
Miersch-Mamer

Lenner 2005



August

12.08 Halli Galli
13.08 Mir maachen e Wësch
13.08 Halli Galli
14.08 Halli Galli
19.08 Sportsnomëtteg
26.08 Sportsnomëtteg

Club des Jeunes
ACFL
Club des Jeunes
Club des Jeunes
APEP
APEP

op der Héicht
op der Wiss
op der Héicht
op der Héicht
Filano Sportshal
Filano Sportshal

september

02.09 Sportsnomëtteg
04.09 Floumaart
09.09 Sportsnomëtteg
10.09 Grillfest
11.09 Grillfest

APEP
Amiperas
APEP
Spuerveräin
Spuerveräin

Filano Sportshal
Centre Polyvalent
Filano Sportshal
Centre Polyvalent
Centre Polyvalent

oktober

01.10 Hämmelsmarsch
02.10 Kiirmessonndeg
06.10 Ausfluch
08.10 Mir maache Viz
15.10 Marathon
16.10 Marathon
23.10 Journée du Grand Age
29.10 Mir verschaffe Kalbassen

Chorale Angelsbiere
Amiperas
APEP
Entente
Entente
Amiperas
APEP

Angelsbiere
Angelsbiere
Champagne
Schoul
Iechternach
Iechternach
Festsall Fëschbech
Schoul

november

03.11 Porte Ouverte
12.11 Hämmelsmarsch
13.11 Kiirmessonndeg
18.11 Beaujolaisowend
19.11 Nokiermesbal
20.11 Céciliendag
26.11 Schluechtfest
27.11 Schluechtfest

Amiperas
Chorale Fëschbech
Wiichtelcher
Club des Jeunes
Chorale Angelsberg
Gaart an Heem
Gaart an Heem

Centre Polyvalent
Schous a Fëschbech
Schous a Fëschbech
Centre Polyvalent
Parhaus Angelsbiere
Centre Polyvalent
Centre Polyvalent

dezember

01.12 Porte Ouverte
05.12 Kleeschen
10.12 Chrëschtbeemercher ausdeelen
11.12 Bazar
31.12 Sylvesterparty

Amiperas
Club des Jeunes
Club des Jeunes
ACFL
Club des Jeunes

Centre Polyvalent
Gemeng
Gemeng
Centre Polyvalent

Amiperas

Seniorenanzanzen freides 17 Auer an der Filano-Sportshal Larochette, ausser an de Schoulvakanzen

Entente

Sport-Owender fir jidfereen all Méindeg um 20 Auer an der Filano Sportshal Larochette (Foussball/Basket)

APEP

Vakanzaktivitéite fir d'Schoukanner an de Schoulvakanzen

ACFL

Bitzen 03.01.05 - 14.03.05 all Méindeg Owend zu Angelsbiere

10.10.05 - 05.12.05 all Méindeg Owend zu Fëschbech



Wien ass dat?



Kleine Erinnerungen an die
Befreiung von Fischbach

11. September 1944

Teile der 5.ten amerikanischen Panzerdivision hatten am 10. September 1944 den Ort Blascheid erreicht. Von dort stießen sie tags darauf, am 11. September 1944, durch das bewaldete Gebiet über Plankenhof nach Fischbach vor. Nach der symbolischen Befreiung des friedlichen Walddörfchens nahm die Kolonne Kurs auf die Ortschaften Fels-Ermsdorf, die am selben Tage von derselben Einheit eingenommen wurden.

Foto 1: Die Einwohner Fischbachs in freudiger Erwartung der amerikanischen Befreier.



Foto 2: Jetzt sind sie da! Der erste US-Panzer (M5A1) rollt aus Richtung Mühle heran und nähert sich der Abzweigung nach Schoos, respektiv Dorfmitte.

Frage: Wer erkennt wen auf diesen beiden Lichtbildern, die Fernand Lorang aus seiner privaten Sammlung hervorgenommen hat?

Bitte melden Sie sich bei Herrn Camille P. Kohn aus Fischbach, unter der Telefonnummer: 320 320



Hall Polyvalent Bauphase Juli- Dezember 2004





D'Veräiner aus Pompjeeën Fëschbech

Zenter 1998 gött et an der Gemeng Fëschbech nëmmen nach ee Pompjeescorps. An der Fusiounsversammlung, déi den 28. Januar 1998 am Gemengesall zu Fëschbech ofgehalen gouf, hu sech déi 3 lokal Veräiner Angsbreg, Fëschbech a Schous zu engem eenzege Corps mam Numm "Pompjeeë Gemeng Fëschbech" zesummegedoen.

Hei e kuerzen Réckbléck an d'Ufanksjoere vum organiséierte Lëschwiesen an eiser Gemeng: Et war den 19. Mäerz 1911, wéi sech 13 Awunner vun Angsbreg zesummefonnt hunn, fir an hirer Uertschaft d'Pompjeeën ze grënnen. Dat selwecht Joer, de 15. Abrëll ass och zu Schous e 16 Mann staarke Corps entstanden. Obwuel zënter ongeféier 1900 eng Pompel fir ze droe mat Schlauchmaterial an der Schoul zu Fëschbech ënnerbruecht war, sollt et bis zum 1. Januar 1939 daueren, bis 22 Awunner vu Fëschbech e Pompjeescorps gegrënnt hunn.

Den éischte Fändel gouf den 13. Juni 1937 zu Angsbreg geweit, déi nächst Fändelsweie waren de 14. Juni 1953 zu Fëschbech an den 23. Juli 1961 zu Schous.

Wa fréier an enger Uertschaft e Kantonaltag vun de Pompjeeën ofgehalen gouf, war dat e Fest fir d'ganz Duerf. De leschte Kantonaltag, deem an eiser Gemeng den 1. Juli 1995 zu Fëschbech organiséiert gouf, ass schonns vun deenen 3 Corps zesumme virbereet ginn.

Ganz fréi huet ee sech mam Gedanke befaasst, fir Jugendpompjeeën ze grënnen. Déi éischt Jugendsektioun gouf et 1976 zu Angsbreg, den 1. Januar 1977 koum et zur Grënnung vu Jugendpompjeeë zu Fëschbech a Schous.

Verschiede Groussbränn am Ufank vum lëschte Jorhonnert hunn déi Verantwortlech dozou bruecht, de Mannschaften dat néidegt Lëschmaterial zur Verfügung ze stellen. Nach haut si mir am Besëtz vun 3 gutt erhaleenen Handpompelen. Am Krich koum et zu Angsbreg zur Uschafung vun enger Motorsprëtze.

An den 80er Joeren huet een erkannt, datt dat Material net méi den Ufuerderunge vun der heiteger Zäit entsprach huet. D'Gemeng huet dunn decidéiert, e modernt Lëschgefier fir déi 3 Corpsen unzeschaffen. Den 12. November 1990 konnt de Verantwortlechen en Tankwon iwwerreecht ginn, deem de 17. Juni 1991 feierlech ageweit gouf.

Vun do un ass ganz vill zesumme geschafft ginn, a schliisslech hunn ëmmer méi Memberen de Virschlag gemaach, fir ze fusionéieren.

Eise Corps besteet haut aus 50 aktive Memberen, 3 Jugendpompjeeën an 9 Memberen iwwer 65 Joer. De Comité setzt sech folgendermoossen zesummen: Chef de Corps, Lucien Karier; Chef de Corps-Adjoint, Paul Vrehen; Sekretär, Gilbert Dinis; Keessier, Roland Miny; Jugendleeder, Mike Daems; Jugendleeder-Adjoint, Luss Brosius; Memberen, Laurent Degraux, Guy Damgé, Emile Weis, Germain Zeimetz.

De Sënn an Zweck vun engem Pompjeeswiesen ass et, bei Bränn an aner Onglécker séier déi néideg Hëllef ze leeschten. Fir dësere Aufgab gerecht ze ginn muss regelméisseg geübt an trainéiert ginn. Och mat de Corpsen aus den Nopeschgemenge gi regelméisseg Übungen organiséiert. D'Otenschutzträger gi speziell an engem „Caisson Feu“ an op der Otenschutzstreck zu Schëmpech ausgebilt. Eis Memberen huelen och un de Coursen am Kanton an op der Pompjeeschoul zu Feelen deel.

Fir datt mir och an Zukunft nach genuch Leit an eise Reien hunn fir ze hëllefen, ass et wichteg, jonk Leit ze motivéieren, bei de Pompjeeë matzeschaffen. Bei de Jugendpompjeeë gött niewent enger Aféierung an



d'Feierlëschwiesen awer och nach aner Aktivitéite wéi zum Beispill Sport, Spiller, Rallyen oder Zeltlager ugebueden.

Am neien Centre Polyvalent zu Schous kréien d'Pompjeeën déi Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt, déi noutwenneg sinn, fir am Eeschtfall séier an den Asaz ze goen. Hei kënnen souwuel déi theoretesch wéi och déi praktesch Instruktiounen ofgehalen gin, fir datt eis Mannschaft déi Aufgaben, déi haut un d'Pompjeeswiesen gestallt ginn, kann erleedegen.

Dëse Bau ass fir d'Pompjeeswiesen aus der Gemeng op jiddfer Fall e weidere Meilesteen an hirem bal honnertjärege Bestoen.

Text a Foto: Lucien Karier

s eiser Gemeng

Maarkollewen vu Fëschbech



Wéi déi dräi Pompejeeskoren aus der Gemeng fusionéiert hunn, hunn déi aktiv Pomjeen vu Fëschbech doniewend en neie Veräin gegrënnt ënnert dem Numm "Amicale Maarkollef, Fëschbech".

De 6. Januar 1998 hu si Statuten ënnerschriwwen a se op der Gemeng déponéiert, wou se den 10. Mäerz 1998 approuvéiert gi sinn.

Firwat de Numm "Maarkollef" (Eichelhäher, Geai commun, Garrulus glandarius)? An der Zäit haten d'Uertschaften an hir Awunner e Bäinumm, an esou waren et déi Fëschber Maarkollewen, déi Schéisser Gugucken an déi Angsber Kueben.

Mir féieren déi laang Traditioun vum Buergbrennen vun de Fëschber Pomjeeën virun. Well déi meeschte Lait méindes musse mat klorem Kapp schaffe goen, an d'Kanner an d'Schoul ginn, féiere mir samschdes.

Donneschdes owes gi mir zu Fëschbech ophiewen, a freides owes op d'Häff. (Plankehaff, Stuppecht, Weyer, Kiedeng a Schiltzbierg)

Samschdes mëttes riichte mir d'Buerg op. D'Jugend an d'Duerfleit déi Loscht hunn, kënnen gären eng Hand mat upaken. Owes gëtt d'Buerg dann a Brand gestach, an zwar vun deene Koppelen, déi am Laf vum Joer sech d'Jowuert ginn hunn.

Duerno zerwéiere mir am Veräinsbau Omelett mat Speck an Zoosis, déi vun eisen Damme mat vill Charme gebak gëtt. Esou e gemittlechen Owend bei engem gudde Patt a gemittlecher Gesellschaft vergeet da villzevill séier.

De Veräin huet de Moment 11 Memberen. De Comité setzt sech aus folgenden Persounen zesummen: Prääsident a Keessier: Roland Miny, Vize-Prääsident: Hubert Lanckohr, Sekretär: Marc Kolber a Memberen sinn: Joseph Trausch a Raymond Miny.

Text: Rol Miny



Des Rätsels Lösung!

Die richtige Lösung sowie das nötige Glück hatte beim letzten Rätsel Linda Malget aus Angelsberg. Sie bekam aus den Händen von Firmeninhaber "Renovation P. Bettendorf" Herrn Patrick Bettendorf, einen Gutschein über 125 EUR überreicht.



Den ersten Preis für das hiesige Rätsel, auch ein Gutschein von 125 EUR, wird diesmal von einem Unternehmen aus Schoos gestiftet, nämlich der Ets. Paul Vrehen s.a r.l. Sie sind spezialisiert auf sämtliche Produkte sowie Service von Biogasanlagen.



Und nun auf zum neuen Rätsel. Für 125 EUR sollte man sich schon ein bisschen anstrengen müssen, mit offenen Augen durch seine Gemeinde schreiten, und mit ein wenig Glück ist man bei der nächsten Ziehung des Rätsels vielleicht glücklicher Gewinner dieses Gutscheines.

Das erste Bild zeigt uns ein Jahresdatum. Es ist das Baujahr eines Gebäudes in einer unserer Ortschaften. Nennet die Ortschaft.



Das zweite Bild zeigt ein erst kürzlich errichtetes Holzchalets. Wo befindet es sich?



Mitmachen darf jeder Einwohner unserer Gemeinde. Die richtige Lösung auf eine ausreichend frankierte Postkarte schreiben, Namen und Adresse nicht vergessen, und das Ganze bis zum 29. Februar 2005 an folgende Adresse senden:
Des Rätsels Lösung
Commune de Fischbach
1, rue de l'Eglise
L-7430 Fischbach

Schouljoer 2004 - 2005



1. an 2. Spillschoul

viischt Rei vu lénks no riets: Chiara Lehen, Ben Lehen, Julien Martin, Laura Reding, Jonathan Antunes, Mike Schwall.

hënnest Rei vu lénks no riets: Melissa Lopes, Fabio Santos, Tim Kolber, Eric Karier, David Blum, d'Joffer, Noemie Keiffer, Nathalie Fernandes, Jenni Azevedo, Katy Azevedo, Dana Drouet



Schouljoer 2004 - 2005



1. an 2. Schouljoer

éischt Rei vu lénks no riets: Mireille Garson, Dan Hoffmann, Charel Karier, Elena Beckers, Dana Fischbach, Marc Weis, Youri Koch, Leo Kirtz, Melanie Vital Semblano.

zweet Rei vu lénks no riets: Linda Hartmann, Rick Kolber, Sarah Diris, Maité Zeimes, Mélanie Gaupp, Kevin Canelha, Sabrina Friden, Kevin Friden, Sam Reding, Lucie Mensen.

Schouljoer 2004 - 2005



3. an 4. Schouljoer

ënnescht Rei vu lénks no riets: Yann Lepinois, Ralph Hermes, Nicolas Brauch, Kevin Rodrigues, Anne Weis, Liz Malget, Carmen Karier, Nora Fischbach, Cynthia Lehen, Lucie Mensen.

iewescht Rei vu lénks no riets: Linda Hartmann, Bill Koch, Mick Lenertz, Patrick Frieden, Kevin Feteler, Martine Vrehen, Andy Frisch, Yannick Zuidberg, Thomas Diris, Pitt Kirtz, Laura Beckers, Cristina Costa, Daems-Ludwig Andrée



Schouljoer 2004 - 2005



5. Schouljoer

éischt Rei vu lénks no riets: Lis Karier, Anne Karier, Saskia Kolber, Ben Brosius, Dany Fernandes, Ben Reding, Kevin Cordobés, Caroline Junck.

zweet Rei vu lénks no riets: Gina Hermes, Christine Miny, Nori Dervishi, Pit Brosius, Ben Kraus, Edmond Haas.

Schouljoer 2004 - 2005



6. Schouljoer

éischt Rei vu lénks no riets: Jim Braun, Marcel Mitterboeck, Eric Conrardy.
zweet Rei vu lénks no riets: Elodie Maguer, Laura Blum, Julie Brauch.
drëtt Rei vu lénks no riets: Vera Spiewak, Joanne Lieser, Laure Hieff, Jacquie Wagener.



Chrëschttag 2003



De 24. Dezember 2003
hunn 10 Schoulkanner
mat vill Freed an
Engagement e Krèppespill an der
Angsber Kierch opgefouert.
Et wier flott, wann e Jugendlechen
Zäit a Loscht hätt, fir dës
Traditioun, déi zenter 25 Joer
besteet, weiderzeféieren.
An der éischer Rei sëtzen vu
lénks no riets: Charel Karier,
Lucie Weis, Liz Malget, Marc Weis.
An der zweeter Rei sti vu lénks no
riets: Anne Weis, Nora Fischbach,
Lis Karier, Cynthia Lehnen, Anne
Karier a Carmen Karier.

Text a Foto: A. Daems-Ludwig

D'Gemeng Fëschbech wënscht
all hiren Awunner, schéi Chrëschtdeeg,
a fir 2005 nëmmen dat Bescht.

